## Zevill Liicht erdréckt de Stärenhimmel !

Kennt dir d'Méllechstrooss ?
Wéini hutt Dir fir d'lescht ee beandrockende Stärenhimmel erlieft?

An der Vakanz oder am Planetarium?

**Firwat ass dat esou?**

Mir sinn dobäi an engem ganz kuerzen Zäitraum eng Naturschéinheet ze verléieren, déi d'Mënschen zënter Urzäiten faszinéiert huet: deen ongestéierten Bléck op de Stärenhimmel. Hien erdrénkt haut an engem Mier vu kënschtlecher Beliichtung.
Liichtreklammen, Stroosseluuchten a vill aner Beliichtungen hellen den Himmel esou staark op, datt souguer a klenge Stied nëmmen déi hellste Stären ze erkennen sinn. Et gëtt an eisem Land keng Plaze méi, wou een dem opgehellten Himmel an de Liichtklacken entgoe kann, fir en ongestéierte Bléck op de Stärenhimmel ze genéissen.

Déi wuel rar, mee fantastesch Himmelsschauspiller vu Koméiten sinn haut kaum nach ze gesinn.

Heiansdo kéint een souguer bei eis Polarliichter gesinn, mee och si sinn an de Liichtklacken vun eise Stied net méi ze erkennen.

An Amerika ass duerfir de Begrëff **"light pollution"** erfonnt ginn - iwersat:


### LIICHTverschmotzung

**Mee d' Natur, d' Liewen an och de Mënsch brauch d'Däischtert an der Nuecht!**

**Iwwrigens:**
**Dës Noutwennegkeet gouf schonns a verschiddene Länner erkannt. Slowenien, Tcheschien, Deeler vun Italien, Spuenien an an den USA.... hu Gesetzer géint d'Liichtverschmotzung agesat.**




Nuetshimmel bei staarker Liichtverschmotzung



Nuetshimmel mat Méllechstrooss bei wéineg Liichtverschmotzung

**Beispiller vu gudder an schlechter Beliichtung:**




Erausginn vun:
Astronomes Amateurs du Luxembourg
Musée national d'histoire naturelle


Weider Infoen:
Marc Mathay (AAL)
dark-sky@aal.lu
Tel: 691 99 88 13



an Zesummenaarbecht mam:
Mouvement Ecologique an der Lëtzebuerger Natur a Vulleschutzliga

# Eise Stärenhimmel beschützen!

DEN UNIVERSUM
OCH DU KANNS EN ENTDECKEN
INTERNATIONALT ASTRONOMIEJOER 2009
www.astronomy2009.lu

## DARK SKY: eng Initiativ géint Liichtverschmotzung

**Fir datt eis Kanner nach de Stärenhimmel richtig erliewen, musse mir elo handelen !**



**Lëtzebuerg, nuets 2002**
Falschfaarwefoto vun engem Satellit erof

Et gëtt keng wierklech däischter Géigend méi an eisem Land, wou een de Stärenhimmel nach ongestéiert bewonnere kann. Zënter 2002 huet et sech leider nach verschlechtert !


Merci fir d'Infomaterial vum Dr. A. Hänel,
www.lichtverschmutzung.de
Grafiken: Stadt Stuttgart, Amt für Umweltschutz







## Ursaachen vun der Liichtverschmotzung

D'Liichtverschmotzung hëllt rapid zou. Duerfir gëtt et verschidden Ursaachen:

- Doduerch datt eis Uertschafte staark wuessen, ginn ëmmer méi Stroosseluuchten agesat.
- Nei Industrie- an Handelszone gi mat Stroossebeliichtung ausgerëscht.
- Ëmmer méi Stroosse ginn d'ganz Nuecht beliicht an der Hoffnung op méi Verkéierssécherheet.
- Méi Beliichtung ronderëm Gebäier, Betriber a Privathaiser soll méi Sécherheet virun der Kriminalitéit bréngen.
- Den Asaz vun ëmmer méi opfällege Liichtreklamme fënnt eng staark Verbreedung.
- Schlecht ausgeriicht Beliichtungen vu Gebäier a Fassade stralen an all Richtungen, kënne blenden an hellen den Himmel onnéideg op.
- D'Beliichtung gëtt ëmmer méi efficace. Bäi moderne Luuchten ass de Wierkungsgrad méi héich. De méi geréngе Stroumverbrauch gëtt dann awer oft net genotzt fir anzespueren, mee duerch méi oder onnéideg hell Luuchten ërem ausgeglach.

## E fonkelnde Stärenhimmel …

Et gëtt e puer einfach Méiglechkeeten, den Himmel net ze vill staark mat kënschtlechem Liicht opzehellen, sou datt och nach eis Kanner an Enkelen e flotte Stärenhimmel erliewe kënnen.

**Déi 3 wichtegst Grondsätz sinn:**

- **Op all iwwerflësseg Beliichtung verzichten !**
- **Net d'Liichtquell däerf ee gesinn, mee nëmmen deen ze beliichtenden Objet !**
- **nëmmen esou laang beliichte wéi erfuerdert**

**Konkret heescht dat:**

- Stroosseluuchte sollen sou gutt ofgeschiermt sinn, datt si nëmmen op d'Strooss mam Trottoir, an op de Veloswee liichten. Kee Liicht soll an den Himmel schéngen; staark säitlich ofgestraltend Liicht wierkt blendend:

  ⟶ **Neen zu den Kugelluuchten!**

  D' **Stroossebeliichtung** soll net ouni Grond iwwer dem gefuerderten Minimum bedriwwen ginn. Si **kann a verkéiersaarmen Zäiten reduzéiert** oder ganz ofgeschalt ginn. Et sollen effizient Luuchttypen gesat ginn, **déi och nuetsaktiv Insekten schounen.**
- Et ass **net bewisen, dat ëmmer méi öffentlech Beliichtung och ëmmer méi Sëcherheet** am Verkéier a virun der Kriminalitéit bedeit. Wichtig ass eng blendfräi a gläichméisseg Beliichtung.
- **Liichtreklammen an Beliichtunge sollen net déi ganz Nuecht brennen.** Déi doduerch ze erwaardend nei Clientèle dierft kaum den Energieopwand rechtfäerdegen! Wie beuecht d'Krëschtbeliichtungen ëm 2 Auer nuets?

## …spuert och Energie !
## …verklengert den $CO_2$ Ausstouss !

- **Beliichtung vu Gebaier** a Reklamme soll méiglechst zréckhalent agesat ginn. Am beschten d'Luucht vun uewen no ënnen asetzen oder wéinstens d'Straler esou justéieren, datt si net direkt an den Himmel liichten an doduerch d'Zuchvigel, d'Eilen an aner Déieren irritéieren!
- Och fir d'**Hausbeliichtungen** soll ee baussen nëmmen no uewen ofgeschiermten Energiespuerluuchten asetzen, keng Halogenspotten. Donieft net déi ganz Nuecht beliichten: eng, duerch Bewegungsmelder ageschalten Luucht dierft en Abriecher éischter ofschrecken wéi en Dauerliicht.
- **Fënstere vu beliichte Raim** sollen nuets durch Rollueden, Klapplueden oder Jalousien verdäischtert ginn.
- D'**Ustrale vu Beem** soll wéint den nuetsaktiven Déieren (Falter, Insekten, Fliedermäis, Eilen..) ganz ënnerbleiwen !!!
- D'**Beliichtung vu Sportfelder duerch Flutliicht sollt** duerch ofgeschiermten asymmetresch Scheinwerfer geschéien.
- **Skybeamer** stellen eng Geforequell fir den Stroossen- a Loftverkéier duer a sinn eng total Energieverschwendung !!!

**Wa mir dës Punkten beuechten, léisst sech mat geréngem Opwand vill Energie, $CO_2$ -Emissioun, an och Geld spueren!**

Bei klorem Himmel organiséiert d'AAL all éischten Samsdeg am Mount eng öffentlech Beobachtung:
Treffpunkt: Dippech Gare / Zousatz-Info: www.aal.lu
Oktober-März: 20 Auer; Abrëll-September: 21 Auer